Gläich e puermol de schwaarze Péiter an de Grapp gedréckt

Den neie Programm vum Kabaret Sténkdéier

Fir déi 15. Kéier presentéiert de Kabaret Sténkdéier dëst Joer säi Programm op de Bühn vum Nationale Literaturzenter a vum Miersher Kulturhaus. De Programm leeft ënner dem Titel „Schwaarze Péiter". Vun diem geet dacks rieds. Kee wëllt en, mee jidderee versicht, engem aneren dien zouzeschousteren, ënnerzejubelen. Fir dat genëschelt ëmzesetzen, sinn all Zorte vun Tricke wëllkomm. D'Haaptsaach, et ass een es lass,an een aner ass dermat gehäit! An iwwer dee kann ee sech dann och nach hannerhälteg lëschteg man. Mee opgepasst: De schwaarze Péiter wiesselt de Besëtzer dacks onbemierkt. De Sténkdéieren hire Kabaretsprogramm huet den 13. Oktober ugefaang an huet gaangs beim Publikum dien néidegen Uklank fonnt.

Gläich e puermol kritt een de schwaarze Péiter an de Grapp gedréckt a schingt en net méi lass ze ginn, ob dat um Haff ass, an der Schoul oder op enger anerer kniweleger Plaz.

Datt mir déi lescht Joren nach keen Tour de France gewonn hunn, dat bedréckt eis, trotz zweeten an drëtten Plaz – gelldu Andy. Fräigestallt ass dat kalgestallt, oder? Wie weess do eng Antwert? D'Sténkdéiere stellen dee berühmte Referenzdokter vir; si erklären och, datt d'Kadoe fir all Zorte vu Feieren haut mat IBAN LU ufänken.

Am zweeten Deel verlaangt de Kabaret Sténkdéier kloer a liicht verständlech Nimm fir eis Ministären. Déi iwwerdriwwen, absolut Sécherheet, déi all Gefore soll ausschléissen, gëtt e bëssen op den Aarm geholl. Als Zougab kréien d'Leit nach zwee bekannte Lidder vum Kabaret Sténkdéier ze héieren. D'Texter, aus der Fieder vun dienen ewell bekannten Auteuren, si vun den Acteuren op de Brieder, Géraldine Posing, Irène Zeimes, Raymond Bertemes, Nico Dabé an Tom Kraemer, ënner der Regie vum Roland Meyer, op eng lieweg Manéier zum Ausdrock komm.

De Kabaret Sténkdéier spillt nach zu Miersch: bis den 19. November am Servaishaus, a vum 23. bis den 27.11. am Mierscher Kulturhaus. Reservatiounen: www.luxembourgticket.lu an Tel. 47 08 95-1.